

där nächster Budgetsdebatt dat do net vergiess gëtt.

Merci, Här President.

»» M. le Président.- Gutt. Här Fayot, wann ech gelift.

»» M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt just signaléiere mat onsem Accord zu där Motioun, dass mer selbstverständlech och bereet si fir mat ze ënnerschreiwen, wann dat vun der DP aus gewënscht gëtt. De John Castegnaro...

»» M. le Président.- Gutt. Mä et gëtt eréischt iwwert d'Motioun ofgestëmmt, wann den Deputéierten och den definitiven Text virläit.

(Interruptions)

Dir Dammen an Dir Hären, et ass awer net, wéi wa mer elo fäerdeg wäre mat votéieren. Mir votéieren elo eng Partie Projeten, déi nach nozehuele sinn.

7. 5921 - Projet de loi

1) ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36 pour ce qui est: a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles; b) de la prestation temporaire de service

2) modifiant la loi du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres de l'enseignement supérieur

3) abrogeant la loi du 13 juin 1992 portant: a) transposition de la directive du Conseil (89/48/CEE) relative à un système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; b) création d'un service de coordination pour la reconnaissance de diplômes à des fins professionnelles (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Projet 5921 iwwert d'Un-erkennung vun de professionelle Qualifikatiounen. D'Ofstëmme fänkt un. Et ass de Projet de loi 5921. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5921 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Ech héieren, dass dat eng grouss Majoritéit ass. Dann ass et esou décidéiert.

8. 5884 - Projet de loi portant création

a) d'un Institut national des langues

b) de la fonction de professeur de langue luxembourgeoise et portant modification: a) de la loi du 19 juillet 1991 portant création d'un Service de la formation des adultes et donnant un statut légal au Centre de langues Luxembourg; b) de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; c) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen zu dem Vote vum Projet de loi 5884 iwwert den Institut national des langues. Och hei ass de Vote amgaang. Perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Och dëse Projet ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Raymond Weydert), MM. Fred Sunnen (par Mme Nancy Arendt), Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

9. 5895 - Projet de loi portant transposition de la directive 2004/48CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 relative au respect des droits de propriété intellectuelle et portant désignation des tribunaux des dessins ou modèles commu-

nautaires, et ayant pour objet de modifier:

- la loi modifiée du 18 avril 2001 sur les droits d'auteur, les droits voisins et bases de données

- la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5895, eng Direktiv iwwert d'Propriété intellectuelle.

(Interruption)

Dofir hunn ech dat och vun der Motioun virdru gesot. Ganz richtig, Madame Flesch.

(Interruption)

Jo. De Vote ass och hei eestëmmeg: 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

10. 5991 - Projet de loi relatif à la réalisation du Campus scolaire de Mersch pour le Neie Lycée et pour le Lycée technique pour professions éducatives et sociales par le biais d'un partenariat public-privé (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

An da komme mer zum Vote vum Projet de loi 5991 iwwert de Bau vun engem Schoul-campus zu Miersch. De Vote ass amgaang. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Nach eng Kéier 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir hu scho laang hannereneen net méi esou vill Unanimitéit hei an der Chamber gesi gehat.

(Interruption et hilarité)

Gutt, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass de Projet de loi 6005 iwwert d'Recherche. Rapporteur ass den honorabelen Här Alex Bodry. Ageschriwwen sinn: den Här Oberweis, d'Madame Flesch an den Här Kox. Här Bodry, d'Tribün ass fir lech.

11. 6005 - Projet de loi ayant pour objet

1. la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

2. les missions de l'Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche

3. la création d'un Fonds spécial pour la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation

et modifiant la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet

1. le développement et la diversification économiques

2. l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

»» M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg geet konsequent a Richtung Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun. Dëse Gesetzesprojet huet zum Zil, duerch verstärkt Hëllef an e verbessert Enca-drement d'Betriben zu Lëtzebuerg méi innovativ ze maachen.

An dësem Konjunkturprogramm vun der Regierung stäerkt also dëst Gesetz déi no-halteg an déi laangfristeg Dimensioun vun der Wirtschafts- a vun der Betribspolitik hei zu Lëtzebuerg.

Hei dréit et sech also net ëm eng schnell, temporär Reaktioun op d'Kris an d'Rezessioun, mä villméi ëm eng Verstärkung vun engem vun de Grondpilieren vun der Weiderentwécklung vum Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg.

Duerch méi Fuerschung, duerch innovativ Produkter, Procédées an Aarbechtsorganisatiounen sicht eist Land Schrëtt ze hale mat den Erausforderungen vun enger globaliséierter Wirtschaft an enger Neiverdeelung vun den ökonomeschen Aktivitéiten.

Lëtzebuerg brauch niewent modernen Dëngschleeschtungsbetriben och e produktive Secteur; Betriben, déi Produkter mat héijem Méiwäert herstellen, transforméieren a verdreiwen. Nëmme Secteuren an Entre-prises, déi systematesch op Innovatioun setzen, déi modernsten Techniken a Methoden asetzen, wäerte sech op Dauer géintiwwer der Konkurrenz behaapte kënnen. Lëtzebuerg brauch also e regelrechten Innovatiounspakt ronderëm eis Uni, ronderëm d'Centres de recherche an d'Betriben. Net vun ongeféier gëtt duerch dëse Gesetzesprojet de GIE Luxinnovation zu engem wirk-same Relais fir innovativ Betriben ausgebaut.

Et wär sécherlech och ubruecht, dass grouss öffentlech Betriben, an och Betriben

mat staarker staatlecher Bedeelegung, nach méi eng Virreiderroll géifen iwwerhuelen an als Motor fir d'Innovatioun an d'Entwécklung géifen aktiv ginn.

Iwwregens muss och d'Lëtzebuerger Finanzwirtschaft weider op Innovatioun setzen. Innovatioun ass a sämtleche Secteuren noutwendeg. Den Know-how fir dës Weiderentwécklung ass sécher do. An dat wëssenschaftlecht Ëmfeld, fir dës Potenzialausschöpfung ze optimiséieren, ass amgaang geschaf ze ginn.

Wichtig bleibt et derfir ze suergen, dass bei der Ausbildung vun de Kanner, mä awer och bei der Weiterbildung vun den Erwuesenen dës stännegen Ëmbroch an der Wirtschaft och berücksichtegt gëtt. Grad ronderëm d'Uni Lëtzebuerg loosse sech interessant Projeten entwécklen, déi dem Land an der Privatwirtschaft vu grousssem Notze kënnen sinn.

D'Promotioun vu Fuerschung an Innovatioun huet also manner mat purem Krisenmanagement ze dinn, mä hëlleft der Lëtzebuerger Wirtschaft, sech nei a méi breet opzestellen. D'Zäit no der Kris ass d'Zilrichtung vun dësem Gesetzesprojet.

Dëse Projet schreift sech och an déi sougenannte Lissabon-Strategie an, déi d'Ambitioun huet, bis 2010 aus Europa déi dynameschst Wëssensgesellschaft vun der Welt ze maachen, déi dauerhaft nohaltege Wuesstum an Aarbechtsplaze soll schafen. Mat dësem Gesetz kënn also Lëtzebuerg och e Stéck weider bei der nationaler Ëmsetzung vun der Lissabon-Strategie fir Wuesstum a Beschäftegung.

Bei de mikroökonomesche Reformen an deem Lissabon-Strategie-Pabeier, fir d'Wuesstumspotenzial auszeschöpfen, kënn dem Ausbaa vun der Fuerschungs- a vun der Entwécklungsaktivitéit eng Prioritéit zou.

Offiziellt Zil vun der Regierung ass et, d'öffentlech Kreditter fir Fuerschung mëttelfristeg op 1% vum PIB eropzesetzen; 3% am Total, öffentlech a privat, solle fir Fuerschung investéiert ginn.

Ëmmerhin, dat muss ee soen, huet sech dës staatlechen Effort fir Recherche an Développement zënter 2004, also an deene leschte fënnef Joer, verdräifacht. Weider Schrëtt wäerten néideg sinn. Zënter 2008 besteet och en ieweschte Comité fir Recherche an Innovatioun, deem der nationaler Politik an deem Beräich nei Impulser an zousätzlech Kohärenz soll bréngen. Strategesch Partnerschaften mat auslänneschen Instituter sinn opgebaut ginn. Hëllefstellung fir Fuerschungszentren a Betriber, fir bei europäesche Fuerschungsprogrammer matzemaachen, si weider interessant Regierungsinitiative gewiescht.

Dëse Gesetzesprojet betrëfft praktesch ausschliesslech d'staatlech Hëllef fir Privatbetriber; Hëllef, déi, wéi all Statshëllef fir Betriber, europäesch strikt reglementéiert sinn. De Prinzip bei Aides d'État ass deen, dass se verbuede sinn, dat wéinst Regele vum Bannemaart a vun der Konkurrenz. Nëmmen an Ausnahmefäll si se méiglech. An de Beräich Fuerschung, Développement an Innovatioun ass ee vun deene Beräicher, wou se och op communautairem Plang virgeluecht sinn a wou de Kader definéiert gëtt fir sämtlech EU-Memberstaten.

An dësem Fall sinn déi communautaire Bestëmmunge relativ large, souwuel wat de Krees vun de Bénéficiairen ugeet wéi och wat d'Héicht vun de méiglechen öffentleche Subventiounen ubelaangt.

D'Regierung huet d'Optioun zrëckbehalen, déi Méiglechkeete vun öffentleche Bähëllef fir Fuerschung an Innovatioun zu 100% auszeschöpfen. De Stat wäert hei e Maximum vu legalen Hëllef leeschte kënnen. D'Betriber zu Lëtzebuerg wäerten also voll kënnen vun deem Secours vum Stat profitéieren. Esou kënn och den Incitatiounsmechanismus, fir ze innovéieren, deem dem europäeschen Encadrement zu Grond läit, vollstänneg zur Geltung.

D'Chamberskommissioun deelt dës Aschätzung vun der Regierung a fuerdert se op, d'Kenntnis iwwert déi nei Hëllef bei de Betriber ze gewärrleeschten. Hei muss Informatiouns- a Sensibiliséierungsarbecht gelescht ginn, net nëmme vun der Regierung, mä selbstverständlech och vun de Berufschamberen an anere Patronatsorganisatiounen, déi an deene Secteuren tätig sinn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Et ass och als positiv ervirzesträichen, dass duerch dës Gesetzesprojet och d'administrativ Prozedure solle vereinfacht a verkierzt ginn. Onnéideg konsultativ Prozedure ginn ofgeschaaft. D'Behandlung vun den Anträge muss seriö, mä awer och zügeg kënnen ofgewéckelt ginn. Fir e perfekten Traitement

vun de Betribsdossieren ze garantéieren, mussen parallel dozou och déi noutwendeg materiell, personell a finanziell Viraussetzunge geschafe ginn; d'Regierung wäert derfir suergen.

Zënter dem 1. Januar 2007 gëllen déi nei communautaire Regeln. Si solle bis Enn 2013 weider bestoe bleiwen.

Erlaabt mer, e kuerze Bléck no hannen ze werfen. Den Ufank vun enger regelrechter Fuerschungspolitik zu Lëtzebuerg ass relativ rezent. Et fällt op, dass den Ufank ze situéieren ass am Ufank vun den 80er Joren aus dem leschte Jorhonnert, also praktesch knapp 30 Joer al ass.

Éischt Budgetskreditter fir Fuerschung, nei Interventiounsméiglechkeete fir d'SNCI an deem dote Beräich an d'Grënnung vu Luxinnovation kennzeechnen déi Ufanksperiod vum Ufank a vun der Mëtt den 80er Joren. An et ass sécherlech keen Zoufall, dass déi Efforten deemools gemaach si gi vun der Politik an engem Beräich, wou d'Lëtzebuerger Wirtschaft an enger Kris war. Et war d'Zäit vun der Stolkris hei zu Lëtzebuerg. An deemools ass sech och Gedanke gemaach ginn, wéi ee kéint aus där Kris erauskommen a wéi ee sech kéint anescht opstellen an deene Joren no der Kris. Sou dass déi Perioden duerchaus vergläichbar sinn, d'Period vun haut an déi, déi mer am Ufank vun den 80er Joren hei zu Lëtzebuerg kannst hunn.

An och deemools ass also probéiert ginn, Viraussetzungen ze schafen zu engem neien Départ vun der Lëtzebuerger Ökonomie. An do kënn dann der Fuerschung, dem Développement an der Innovatioun natierlech eng grouss Bedeitung zou.

Iwwert d'Joren '90 bis haut sinn zousätzlech Instrumenter an Uräizer fir Fuerschung an Innovatioun geschafe ginn, net nëmmen natierlech wat d'Betriber ugeet, mä och wat d'öffentlech Fuerschung hei zu Lëtzebuerg ugeet.

Wat elo den Detail vum dem Gesetzesprojet ubelaangt, wëll ech hei net ze déif goen, well dat u sech an den eenzelne schrëftelechen Dokumenter vun der legislativer Prozedur nozeliesen ass. Ech wëll mech also hei a mengem mëndleche Rapport op déi wesentlech Neierunge konzentréieren, déi sech aus dem Regierungsprojet erginn.

Een Deel dovun ergëtt sech aus dem Ausschöpfung vum den neie communautäre Regeln, den Encadrement 2006/C323, deen aacht Joer Gültigkeet huet, vum 1. Januar 2007 bis Enn 2013. En aneren Deel allerdéngs vun deem heiten Text sinn d'spezifesch national Moossnamen: Et sinn dat d'Bestëmmunge ronderëm Luxinnovation, där hir Aktivitéiten eng gesetzlech Basis kréien a sollen ausgedehnt ginn. Schliesslech gesäit de Gesetzesprojet och d'Schaffung vun engem staatleche Finanzéierungsfong fir Recherche, Entwécklung an Innovatioun vir.

Opgrond vun deem kriteschen Avis vum Statsrot an enger verännerter Rechtslag, wat déi legislativ Prozedure bei finanziellen Engagementer vum Stat ugeet, huet d'Regierung sech d'accord erkläert, eng vun den Neierungen - déi am urspréngleche Projet virgesi waren an déi an engem Kapitel zesummegefaasst waren - aus dem Text ze sträichen: d'Schaffung vun enger Gesellschaft, déi déi dagdeeglech Gestiou vun de Strukture fir innovativ Betriber wéi Ecostart oder wéi Technoport Schlassgoart sollen iwwerhuelen. Déi diesbezüglech Artikel sinn aus dem Text erausgeholl ginn. Et gëtt méiglech, do eng Léisung ze fannen, ouni mussen op e Gesetz zrëckzegräifen.

Opgrond och vun enger Rëtsch vu formellen Oppositione vum Statsrot, sinn an der Kommissioun déi deementspriedend Amendementer zum Regierungstext formuléiert ginn. An no engem zousätzlechen Avis vum Statsrot ass et gelungen, an eisen Aen, Textformatiounen ze fannen, déi et däreften erméiglechen, vum Statsrot d'Dispens vum zweete Verfassungsvote fir dës Gesetzestext ze kréien.

Ech kommen net derlaanscht als Rapporteur, eng prinzipiell an och méi kritesch Bemierkung ze maachen, wat d'Verfassungsaawann vum Statsrot zu deem heite spezifesche Projet ugeet. Wann een den Avis vum Statsrot liest, da stellt ee fest, dass se sech ausschliesslech ronderëm de Respekt vum Artikel 103 dréinen, deen dann am Zesummespill mam Artikel 32 vun der Verfassung ze liesen an ze interpretéieren ass. Ech liessen hei kuerz, wat am Artikel 103 vun der Verfassung steet: «Aucune pension, aucun traitement d'attente, aucune gratification à charge du trésor ne peuvent être accordés qu'en vertu de la loi.»

D'Kommissioun huet deen direkte Lien vun deem dote Verfassungstext mat eisem Text

hei, wou et ausschliesslech ëm Hëllef fir d'Betriber geet, net richtig saiséiert. An och haut weess ech eigentlech net, wou de Statsrot do déi Verbindung vun deem Artikel 103 mat där Matière mécht, déi mer hei an deem heite Gesetzestext ze traitéieren hunn.

Ech hunn och keng Jurisprudenz fonnt ronderëm den Artikel 103, déi mer vun iergendwelcher Hëllef gewiescht wier, fir deen heite Problem ze léisen. Esou dass ech muss bedauern, dass mer leider ënnert deem Zäitdrock, ënnert deem mer stoungen, net d'Méiglechkeet haten, méi eng déif Debat mam Statsrot iwwert d'Opportunitéit vun där Opposition formelle op deem heite Verfassungsartikel ze féieren.

D'Kommissioun hätt verstanen, wann de Statsrot eng Referenz gemaach hätt op den Artikel 11, wou Rieds geet vun der Liberté du commerce et de l'industrie, an dee seet, dass Restriktiounen zu där Fräiheet do nëmmen iwwer Gesetz kënnen gemaach ginn. Ech mengen awer, dass och dee Verglach schwéier gewiescht wier, well et sech hei jo net ëm Restriktiounen handelt par rapport zur Handelsfräiheet, mä éischerter ëm eng Incitation, ëm Subventiounen handelt, déi jo éischerter e Plus duerstellen a keng Restriktioun duerstelle par rapport zu enger allgemenger Fräiheet, déi vun der Verfassung garantéiert ass.

Et bleibt, dass mer also hei eng Diskussioun net zu Enn gefouert hunn, déi mer awer missten op enger anerer Plaz zu Enn féieren. Ech géif och hei proposéieren - dat ass vläicht eng Aufgab, där sech déi nächst Commission des Institutions hei kënn unhuelen -, dass mer eng allgemeng Diskussioun vläicht sollten eng Kéier féiere mam Statsrot iwwer eng Rei vun transversale juristesche Problemer, Verfassungsproblemer, déi een a ville Gesetzestexter ermëfënn, a wou et wichtig wier, eng kloer Positioun erausgeschiet ze kréien, och wat d'Haltung vum Statsrot ugeet.

Bei deem heite Fall ass nämlech passéiert, dass genee deeselwechten Text, deen d'Chamber hei 2008 schonn an engem Gesetz gestëmmt huet, ouni dass de Conseil d'État eng Bemierkung dozou ze maachen hat, elo vum Conseil d'État mat enger Opposition formelle beluecht ginn ass. Dat ass eigentlech net normal. Dat dréit net zu grousser Rechtssécherheet bäi. Et wier also wichtig, dass mer bei deenen heite Verfassungsfroe vläicht géifen als Parlament eng Diskussioun mam Statsrot féieren, fir ze kucken, dass mer do op eng kloer Linn erakommen, wat d'Interpretatioun vun eenzelne Verfassungstexter ugeet, fir dass mer esou Diskussiounen wéi hei an Zukunft vläicht net méi brächten ze féieren.

Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech zum Schluss vu mengem mëndleche Rapport nach op e puer aner interessant Elementer vun deem Gesetz hei agoen. D'Betriber kréie Bähëllef enner zwou Formen. Et sinn déi zwou klassesch Formen, déi mer och aus anere Gesetzer kennen: entweder a Form vu Kapitalzoulag oder als Zënsbonifikatioun.

Besonnesch ervirzesträichen ass, dass an Zukunft méi eng breet Plaz der Förderung vun der Innovatioun zouerkannt gëtt. Also net nëmmen d'Fuerschung an d'Entwécklung, mä och de Beräich vun der Innovatioun gëtt hei besonnesch ervirgestrach an deem neien Hëllefsmechanismus, deen elo iwwert dëst Gesetz an d'nationaalt Recht iwwerholl gëtt. An dat gëllt besonnesch fir déi kleng an déi mëttel Betriber. D'Innovatioun an de Procédéen, mä awer och an der Organisatioun vum Service gëtt neierdengs speziell gefördert. Hëllef fir Innovatiounsberodung an och Begleitung si méiglech, grad wéi den temporären Détachement vun héich qualifiziertem Personal an e Betrib méiglech ass an och finanziell ka vum Stat ënnerstëtzt ginn.

Nei sinn och déi Subventiounsméiglechkeete bei technesche Machbarkeetsstudië virun enger Industrierecherche an enger experimenteller Entwécklung. Fir d'PMÉE ginn et speziell Hëllef, fir all Efforten ze maachen, fir den Erhalt a fir och de Schutz herno vun hire Breveten. Fir kleng, innovant Betriber kann et eng Subventioun bis zu enger Millioun Euro ginn. Investissementer a sougenannten Innovatiounspôle ginn och speziell gefördert.

Et geet also hei ganz kloer drëm, fir eng generell Innovationsdémarche vun de Betriber ze ënnerstëtzen an ze incitéieren. Vun den Hëllef fir national Kooperatioun kënnen, niewent de Betriber, och öffentlech Recherchezentren profitéieren, wann et sech also ëm eng national Kooperatioun handelt.

Déi zweet Serie vun Neierungen betrëfft d'Agence Luxinnovation. Hir Aktivitéite ginn ausgedehnt an op eng nei gesetzlech

Grundlag gestallt. Hei schaffen de Stat an d'Acteuren aus der Wirtschaft zesummen. Luxinnovation soll och en Deel vun där administrativer Aarbecht iwwerhuelen, déi sech aus deem neien Hëllefssystem ergëtt.

Schliesslech ginn iwwert dëst Gesetz, ab dem 1. Januar 2009, d'Kreditter fir d'Benotzer am Beräich Fuerschung an Innovatioun gebündelt, déi Statskreditter also am Budget, an an engem neie staatleche Fong, dem Innovationsfong, zesummege droen. Dësen neie staatleche Fong, deen ënnert der duebler Verantwortung vum Wirtschafts- a vum Finanzminister steet, erméiglecht et, öffentlech Gelder fir innovativ Projekte méi geziilt anzesetzen, ouni duerch d'Regel vun der Annualitéit vum Budget agéengt ze sinn. Et brauchen also keng Gelder ze verfallen, wa se um Enn vum Joer, vum Budgetjoer net gebraucht gi sinn, an eng pluriannuell Planung vervollstännegt deen neie Finanzéierungssystem.

D'Regierung geet an hirer Aschätzung dovun aus, dass dës Gesetzesprojet e jährelche finanziellen Impakt vun 29 bis 35 Milliounen Euro an de Joren 2010 bis 2012 wäert hunn. Dës Sue si gutt ugeluecht. Et ass ze hoffen, dass deen zousätzleche finanziellen Effort vun der öffentlecher Hand vun de Betriber och genotzt gëtt, fir Fuerschung, Entwécklung an Innovatioun virunzebréngen. Et ass dat d'Viraussetzung dofir, dass d'Lëtzebuerger Wirtschaft sech kann nei opstellen an och Aarbechtsplazen ofgeséichert an neier kënnen geschaf ginn.

Ech wëll ervirsträichen, dass dee Rapport hei eestëmmege an der zoustänneger Wirtschaftskommissioun ugeholl ginn ass, an als President vun där Kommissioun wëll ech och vun der Geleeënheet profitéieren, fir sämtleche Memberen en décke Merci ze soe fir déi Zesummenaarbecht iwwert déi lescht Joren - souguer dem Här Kox soen ech Merci fir déi Zesummenaarbecht -, a virun allem awer och fir dat Versteesdemech, wat d'Drénglechkeet vun dësem Projet ugeet. Zum Schluss erlaabt Der mer och nach den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Text anzebréngen.

Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Bodry Merci fir säi Rapport. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis age droen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank dem Här Rapporteur Alex Bodry Merci ze soe fir dee schrëfteleche Rapport, deen étofféiert war, a säi mëndleche Rapport, deen hei déi Haaptelementer zrëckbruecht huet.

D'Globalisatioun an en déif gräifende Wiessel vun eiser Wirtschaft, déi haut manner op d'Industrie, mä méi op den Déngschtleeschunge berout, sinn d'Haaptelementer vun dem virleiende Gesetzesprojet. Mat him wëlle mir eis fir déi nei Défië vun dem 21. Jorhonnert opstellen. A well mir selwer hei am Land keng aner Ressourcen hu wéi eis Matière grise, mussen mir an engem erhéichte Mooss an eng gutt Ausbildung vun eiser Jugend investéieren.

Déi, déi eng Aarbecht hunn, mussen mir duerch eng adequat Weiterbildung fit halen, fir net duerch de raue Wand vun der Globaliséierung ëmgeblosen ze ginn. A fir déi, déi keng Aarbecht hunn, mussen mir alles ënnerhuelen, fir si ze motivéieren an ze ënnerstëtzen, eventuell ëmzeschoulen, fir si erëm op den Aarbechtsmaart zrëckzebréngen.

De virleiende Gesetzesprojet reit sech duerch an déi Gesetzesprojeten an, déi d'Regierung virgeluecht huet, fir op déi aktuell Wirtschaftskris ze reagéieren. Déi finanziell Hëllef, déi an d'Wee geleet ginn, sollen et eise Betriber erlaben, sech fit ze maachen, notament elo, awer nach vill méi, wann d'Kris eriwweert ass.

Dann heescht et sech ze positionéieren, hei am Land, an der Groussregioun, awer och an Europa, fir eng Rei vu Betriber, fir weider op der Weltbühn matzehalen. Et ass gewosst: An der globaliséierter Welt hanken de Wuesstem, d'Kompetitivitéit, déi sozial Kohesioun an d'Liewensqualitéit staark vun der Innovationskraft vun engem Land, awer och vun der Solidaritéit of.

E Bléck zréck: 1981 geet an d'Geschicht an, well an deem Joer huet déi deemoleg Regierung hir Strategie vun der Promotioun fir d'Fuerschung virgeluecht. Jo, d'Fuerschung an d'Innovatioun si wichteg Elementer vun der Entwécklung, an dat an der Industrie, de Kleng- a Mëttelbetriber an och an den Déngschleeschungsservicer. D'Schafung vun der Luxinnovation am Joer 1984 an de Centres de recherche publics am Joer 1987 ware weider wichtige Etappen op dem Fuerschungspad. Am Joer 1999 ass den nationale Fong fir d'Fuerschung am öffentleche Sektor an d'Liewe geruff ginn. Als den Héichpunkt kann een d'Grënnung vun der Uni Lëtzebuerg am Joer 2003 gesinn. Mat hiren dräi Fakultéiten ass si den idealen Uspriechpartner fir d'Partenairen aus der Wirtschaft.

Dat sinn e puer Beispiller, déi de Wëlle vun der Lëtzebuerger Politik erëmspigelën, fir eist Land mat engem uerdentlechen Innovatiounssystem ze étofféieren. Et kann een nach d'Gesetz vum 14. Mee 1986 zitéieren, mat deem deemools d'Gesetz vum 28. Juli 1973 ëmgeännert gouf. Mat deem Gesetz gouf déi éischt legal Basis fir déi finanziell Ënnerstëtzung vun der Fuerschung an der Entwécklung geluecht. Méi rezent, d'Gesetz vum 30. Juni 2004, dat ënner anerem e spezifeschen Hëllefssystem fir d'Fuerschung, d'Entwécklung an d'Innovatioun kreéiert huet.

Ech wëll nach op zwou relativ nei Strukturen opmierksam maachen. A mengen Ae spille si eng immens wichteg Roll, virun allem fir jonk, innovativ Betriber. Den Technoport Schlussgoart, deem zënter 1998 zu Esch/Uelzecht existéiert, an den Ecostart zu Féiz, deem zënter 2001 vum Wirtschaftsministère gëréiert gëtt. Alle béid si se am Süde vun eisem Land opgebaut ginn. Eng gutt Saach, wann ee weess, dass d'Fakultéit vun de Wëssenschaften an déi zwee CRPën, de Gabriel Lippmann an den Henri Tudor, och an deem Eck vum Land usäseg sinn.

Dat ausgemachtent Zil vun dësen zwou Strukturen ass et, d'Schafung vun innovativen Betriber zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen. Zu de rezenten Initiative kann een och d'Allianz fir d'Innovatioun zitéieren, déi kleng a mëttelstänneg Betriber incitéiere soll, sech an den Innovatiounsprogrammen ze engagéieren, déi och finanziell vum Stat ënnerstëtzt ginn. Zum Dackste kënnen si och an den europäesche Fuerschungsprojete mat agebonne ginn.

Nei Technologien oder Produktionsprozesser souwéi innovativ Wirtschaftsstrategie sinn elo méi wéi jee gefrot. Ech ënnersträichen et mat zwou Hänn. An der Innovatioun läit de Schlëssel vun der nohalteger Entwécklung vun eisem Land. Fir dass et awer geléngt, brauche mir eng concertéiert Aktioun tëschent der Universitéit, dem Fonds national de la recherche, dem Héichschoulministère an dem Wirtschaftsministère, den CRPën an och de Wirtschaftspartner. Derniewent brauche mir och nach d'Luxinnovation, déi elo zënter 25 Joer dëse wichtigen Ëmdenk- an Ëmlenkprozess mat vill Erfolleg begleet.

Däerf ech drun erënneren, dass mir an dëser Legislaturperiod d'Investitiounen an der Fuerschung vun 72 Milliounen Euro op elo 215 Milliounen eropgehuewen hunn? Dass den Innovatiounsprozess op Toure kënnt, beweist entre autres, dass sech de Comité supérieur de la recherche et de l'innovation den 20. Abrëll mat der Ausrichtung vun der Fuerschung fir déi kommend Jore beschäftegt huet. E wichtige Punkt huet ouni Zweifel déi nei geplangte Cité des Sciences op Belval ageholl. Grad hei soll et zu engem liewegen Échange vu Gedanken, Iddien, Technologien tëschent de Fuerscher, de Professer an de Studente kommen.

Dës Plaz muss sech zu engem dynameschen Think-Tank entwéckelen, vu wou, wéi e Leuchtturm, nei Ausblécker komme sollen. De Comité huet déi folgend Fuerschungssachse festgehale: den Traitement vun de Surfaces, d'Nanotechnologien, d'Waasser, d'Biotechnologien, d'Gesondheet, d'Sozialwëssenschaften an d'Humanwëssenschaften. Mir kommen awer net derlaanscht, och den Ëmwelttechnologien dee Stellenwert ze ginn, dee si verdéngen.

Hei am Land hu mir eng Rei vun Entrepreneuren, déi sech am Automobilsektor ervir-

gedoen hunn. Si sinn awer staark haut vun der Wirtschaftskris gebeidelt ginn. Vergiesse mer awer net, dass sech d'Zäit vun deem mat Äerduelechprodukter gedriwwenen Auto lues awer sécher op hiert Enn zoubeweegt. Net fir näischt hu sech aner Länner schonn op nei Weeër agestellt: Si entwéckelen den Hybridauto an den Elektroauto. An dësem Beräich vun der durabler Mobilitéit mussen mir eis och opstellen, andeem mir eis zum Beispill fir de Bau vun neie Batterien, de Lithium-Ionen-Batterien, oder de Brennstoffzellen erabréngen.

Ech wëll och op all déi wäertvoll Aarbechten hiweisen, déi gemaach ginn, fir de schlächtere Konsequenzen vum Klimawissel ze begéinen. Hu mir eis net op eise Fändel geschriwwen, dass mir alles an d'Weeër leeden, fir d'Energieeffizienz staark unzehiewen, an dat an alle Sektoren vun der Wirtschaft? Doriwwer eraus wëlle mir déi erneierbar Energien heiheim an och an der Europäescher Unioun vill méi staark notzen. Mir sollen eis an dësem Innovationsprozess och eis Ëmweltengagementer virun Aen halen, duerch déi mir déi kuelestoffaarm Gesellschaft opbaue wëllen.

D'Wirtschaftskris ass ouni Zweifel eng Chance fir eis Ëmwelt an de Klimaschutz. Mat der Reduzéierung vun der Ofhängegkeet vun de fossilen Energien, e formidabelt Gebitt fir d'Fuerschung, kënnte mir eis besser aus dem Kyoto-Protokoll léisen. Firwat pushe mir net méi d'Innovatioun vun der Notzung vun der Sonnenenergie, an dat am Zesammenhang mat de Plus-Energie-Siedlungen, oder vun der dezentraler Energieversuergung?

Ech denken, déi nei Regierung wäert do nei Akzenter mussen leeën. Mir müssen deemno op déi ökologesch Fro eng ökonomesch Äntwert ginn. A mir müssen en ökonomeschen Défi op eng ökologesch Manéier meeschteren. Si mir eis kloer, wéi vill nei an durabel Aarbechtsplazen, ausgehend vun dësem Prozess, kreéiert kënnte ginn?

Fir eng Millioun Euro, net vill, déi zum Beispill am Beräich vun der Albasanierung agesat kënnte ginn, schafe mir durablement 20 Aarbechtsplazen. An dat sinn déi, déi mir zum Deel deene Mënsche mat enger gerenger Qualifikatioun ubidde kënnen, mat der Chance, dass si duerch eng performant Weiterbildung hir sozial Leeder eropklamme kënnen.

Ech wëll op dëser Plaz awer drop opmierksam maachen, dass d'Europäesch Unioun sech een neit Instrument fir d'Innovatioun ginn huet, an dat duerch d'Kreatioun vun dem Europäeschen Institut vun der Technologie. An dozou sinn déi sougenannte Communautés vum Wëssen an der Innovatioun geschafe ginn. Si sollen als Partner tëschent den Universitëiten, de Fuerschungszentren, dem Héichschoulsektor an de Betriber wirken.

Ech wëll hei kloer ënnersträichen: Wann d'Fuerschung an d'Innovatioun méi no mat der Politik schafft, da kënnt et zu wäertvolle Synergien, an da kann een hoffen, dass dës Wirtschaftskris gemeeschert ka ginn, ouni awer dass ze vill Kollateralschied bei de Mënschen hannerlooss ginn. Well nach ëmmer ass d'Wirtschaft do, fir de Mënschen ze dëngen.

Net fir näischt stellt d'Fuerschung um europäeschen Niveau eng Prioritéit duer, esou wéi d'Schafung vum „Espace européen de la recherche“ duerch d'Europäesch Unioun am Joer 2000. Dat beweist, zënter dem Sommet vu Barcelona am Joer 2002 sinn d'Objektiver vun der Europäescher Unioun, wat d'Fuerschungs- an d'Entwécklungspolitik ugeet, vill méi staark prezisiéiert ginn. Dat bewisen déi performant europäesch Fuerschungsprogrammen, wéi net zulescht den aktuellen FP7.

Et ass festgeluecht ginn, dass all EU-Land seng Investissementer op 3% vum PIB bis zum Joer 2010 eropsetze soll. Lëtzebuerg läit hei liicht ënnert der europäescher Moyenne, wat d'Ausgaben am Beräich vun der Fuerschung an der Innovatioun ugeet. Zumindest, wat d'Investissementer vum öffentleche Secteur ugeet. D'Saach gesäit e bësse besser am Beräich vun de private Betriber aus. Do leie mir iwwert der europäescher Moyenne.

Et muss deemno alles ënnerholl ginn, dass mir elo an der Kris vun der Brems op de Gaspedall ganz fest drécken. Et geet net duer awer, d'Innovatioun grousszeschreiwen an e legale Kader ze schafen, duerch deem d'Innovatioun an d'Fuerschung promovéiert ginn. D'Promotiounsinstrumenter vun der Fuerschung, der Entwécklung an der Innovatioun mussen regelméisseg adaptéiert ginn, an zwar un d'Besoiné vun der Wirtschaft.

Dëse Gesetzesprojet gesäit als Éischt eng Reform vum Hëllefssystem vir. Eng nei

europäesch Rumm fir staatlech Subside bei der Fuerschung, der Entwécklung an der Innovatioun ass den 1. Januar 2007 a Kraaft getrueden. D'Memberstate kréien doduerch méi Méiglechkeeten, fir ze intervenéieren, ënner anerem, fir déi jonk innovativ Betriber finanziell ze ënnerstëtzen, notamment fir d'Kooperatioun iwwert de Wee vun Innovationspölen ze promovéieren.

Et geet hei virun allem dorën, fir déi Kleng- a Mëttelbetriber ze incitéieren, op d'Berodungsservicer an der Innovatioun zréckzegräifen. De Stat kann elo maximal 100% an net méi just 75% vun de Käschten an dësem Beräich iwwerhuelen. Dëst Instrument ass sécherlech interessant fir Lëtzebuerg, mä et ass net ganz perfekt nach. Den Autonomiekritär limitéiert vill ze staark de Beräich vun de Betriber, déi der Definitioun vun enger PME entsprechen.

Wat d'Subside fir den zäitlechen Détachement vu qualifiziertem Personal ugeet, esou sinn d'Konditiounen fir dat a Fro kommend Personal vun engem groussen Betrib oder vun engem Fuerschungsinstitut vill ze bürokatesch. D'Tatsaach, dass déi europäesch Rumm nëmmen en zäitlechen Détachement virgesäit, ass och net begrëssenswäert. Et mécht sécher méi Sënn fir Lëtzebuerg, keen zäitlech begrenzten Transfert vu Kompetenzen ze förderen, an dat egal wéi grouss oder kleng d'Betriber sinn, déi a Fro kommen.

Den Hëllefssystem, esou wéi en am Kader vum Gesetz vum 27. Juli 1993 festgesat ginn ass, bleift bestoen. De virleiende Gesetzestext awer adaptéiert just dëse Kader un d'Exigence vun der europäescher Rumm. E féiert, entre autres, dräi nei Hëllefsinstrumenter an: e spezifesche Regime fir d'Hëllef am Kader vun der Protektioun vun den Droits de propriété industrielle vun de PMEën; e spezielle Regime am Kader vun de Studien iwwert déi technesch Machbarkeet; an e Regime, fir d'Schafung vu jonken innovativen Betriber ze ënnerstëtzen, an dat - wéi gesot scho vum honorabelen Alex Body - bis zu enger Millioun.

De Projet gesäit och Ënnerstëtze vir, déi mat der technescher Berodung ze dinn hunn. Hie geet deemno iwwer eng einfach Adaptatioun vun den Texter eraus. Den neien Text incitéiert nei innovativ Démarchen, och wat d'Organisatioun vum Betrib oder sengen Aktivitéiten ugeet. En dréit domadder allen Aspekter vun der Innovatioun déi noutwendeg Rechnung.

De Gesetzesprojet weist am éischte Schwéierpunkt spezifesche Hëllefssystemer aus, fir déi national Kooperatioun am Beräich vun der Fuerschung, der Entwécklung an der Innovatioun ze ënnerstëtzen.

Och eng wichteg an eng längst fälleg Saach: Dee ganzen Entscheidungsprozess gëtt vereinfacht. Esou gëtt an Zukunft manner Zäit mat Formalitéiten verluer. D'Ministère wäerten an Zukunft net müssen am Noutfall op den Avis vun der Commission consultative interministérielle waarden, ier se eng Décisioun treffen. Si brauchen net méi déi betreffend Spezialkommissioun mat engem Avis ze befaassen.

Den zweete Schwéierpunkt vum virleienden Text ass d'Schafung vun enger legaler Basis fir d'Aktivitéiten vun der Luxinnovation. Déi generell Missiounen vun där Agence ginn heimat confirméiert a prezisiéiert, ënner anerem am Kontext vun den neien, spezifeschen Hëllefssystemen, déi agefouert ginn. Op der Fréijoersfoire dëst Joer feiert d'Luxinnovation eng Semaine vun der Kreatioun an der Innovatioun mat villen Atelierien. Domat soll de groussen Publikum op déi faszinéierend Welt vun der Recherche opmierksam gemaach ginn.

Den drëtten Objet vum Gesetzesprojet dréit sech ëm de Finanzement vun de Promotiounsinstrumenter am Beräich vun der Fuerschung an der Innovatioun. De Stat gëtt autoriséiert, e spezielle Fong ze schafen, de Fonds vun der Promotion de la recherche, du développement et de l'innovation dans le secteur privé, kuerz: Innovationsfond. Dëse Fong soll déi verschidden Hëllefssystemer, Kooperationsprojeten oder -programmen an déi verschidde Missiounen, déi d'Luxinnovation zougesprach kritt, finanzéieren.

Et ass wichteg, esou ee Fong ze schafen. D'Praxis beweist, dass vill Projekte mat Verspéidung duerchgefouert ginn. De Finanzement vun den Hëllefsmoossnamen iwwert de Wee vun engem Fong erlaabt et och, d'Nodeeler vun engem Finanzement iwwert de Statsbudget auszegläichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, wa mir eis déi laangfristeg Visioun vun dem virleiende Gesetzesprojet ukucken, da kann ee sech virstellen, dass

sech vill jonk Lëtzebuerger fir dëse faszinéierende Wee am Beräich vun der Fuerschung an der Innovatioun begeeschtere kënnen.

Dierf ech dorun erënneren, dass de Science-club vun der Universitéit Lëtzebuerg hei schonn eng gutt Viraarbecht geleescht huet? D'Aktioun RoboTEC Sud an der Zesummenaarbecht vun dem Pro Sud soll de Jonken de Wee weisen, sech fir d'Technik an d'Wëssenschaften ze interesséieren. Heimat solle si invitéiert ginn, hiert Wëssen ze hannerfroen an, wa méiglech, mat vill Dynamik an Engagement no vir ze kucken.

Ech wëll gäre meng Ried mat esou engem Saz ophalen an dës Kéier un de Philosoph Laozi erënneren. Hien huet gesot: „Deen, deem ëmmer an den Trëtt vun deem virdrun trëppelt, kann ni iwwerhuelen.“

Mat dem virleiende Gesetzesprojet stelle mir deemno d'Weiche fir eng zukunftsorientéiert Fuerschungs- an Entwécklungspolitik hei am Land. Esou kënnen mir eist Land fir de gewënschten Opschwung fit maachen, an dat Ganzt nom Motto: Wa mir an der Fuerschung an an der Innovatioun spueren, da verspillen mir e Stéck vun eiser Zukunft.

D'CSV wäert sech duerfir an dësem wichtige Prozess mat vill Nodrock engagéieren. Duerfir ass et net verwonnerlech, dass ech hiren Accord zu dësem Gesetzesprojet erabréngen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Ech soen dem Här Oberweis Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Colette Flesch (DP)** - Merci, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och hei wëll ech dem Rapporteur Merci soen, deem an enger ganz kuerzer Zäit huet mussen säi Rapport fäerdeg stellen a souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mündleche Bericht op déi eenzel Punkten agaangen ass, déi d'Spezifisitéit vun dësem Gesetz maachen.

Wéi hien et schonn ervirgestrach huet, ass dat elei eigentlech keen Deel vum Konjunkturpak am Sënn, dass et net temporär Moossname sinn oder spezifesche Moossnamen, fir der Krisis ze begéinen. Et ass au contraire eng Iwwerschaffung vun onser Gesetzgebung iwwert d'Recherche, den Développement an Innovation. Et ass en Text, dee wahrscheinlech scho laang an der Preparatioun war, deem elo fäerdeg ginn ass, an dee Gott sei Dank elo ka mat an déi Diskussioun erakommen, fir dass mer - wéi soll ech soen? - an engem gewëssene Sënn d'Après-crise virbereeden, an dat ass jo och schonn am Rapport vum Här Bodry gesot ginn.

Et geet hei eigentlech dorën, déi Marge de manœuvre voll auszunutzen, déi d'Décisioun vun der Kommissioun vun 2006 dozou gefouert huet, dass de Stat kann en matière de recherche et d'innovation eppes méi maachen, wéi dat bis elo de Fall war. Ech fannen, dass et och eng gutt Saach ass, dass mer higinn an déi Marge de manœuvre voll ausnutzen, hoffentlech am Intérêt vun onser Betriber an dëser schwéierer Zäit.

Et geet hei dorën, d'Promotiounsinstrumenter vum RDI ze entwéckelen an ze adaptéieren op déi nei Erfuerdernisser. Et geet dorën, de Régime d'aide fir d'Recherche an d'Innovatioun ze reformuléieren, ze komplettéieren. Et geet dorën, der Agence Luxinnovation eng nei Base légale ze ginn oder eng Base légale ze ginn, fir hir och ze erméiglechen, hir Missiounen weider auszubauen.

Ech wëll hei dorop hiweisen, dass dat deem entsprécht, wat d'OCDE sengerzäit an hirer Etüd gesot huet, déi se iwwert d'Recherche zu Lëtzebuerg presentéiert huet, an ech wëll hei och hiweisen op dat, wat meng Kolleegin, d'Anne Brasseur, an der Debat vum 20. Juni 2006 an deem Zesammenhang gesot huet am Kader vum Débat d'orientation iwwert d'Uni an iwwert d'Politik vun Innovatioun a Recherche.

Et sinn also dräi Ziler, déi hei viséiert sinn, an da muss een och nach festhalen, dass am Fong au départ am Projet nach e véierte Punkt war, dat war d'Schafe vun engem Établissement de droit privé pour la gestion des infrastructures et services d'accueil et d'encadrement de nouvelles entreprises innovantes. Dat ass am Fong hei gaangen iwwer en Établissement, wat soll déi zwee Centren Ecostart an Technoport Schlussgoart gëréieren oder ënnerstëtzen. Dat huet missen abandonnéiert gi wéinst der Oppo-

sition formelle vum Conseil d'État a wéinst der Opposition vun der Chambre de Commerce, mä haaptsächlech wéinst der Opposition formelle vum Conseil d'État.

Ech mengen, d'Kommissioun hat och Recht, ze soen: „Kommt, mir insistéieren net dorop, kommt, mir kucken, dass mer elo dat Gesetz iwwert d'Bühn kréien.“

Mä da kënt d'Fro: Wat geschitt, wat wëllt - an dat ass d'Fro, déi ech un de Minister riichten - d'Regierung maachen, oder wat gedenkt d'Regierung ze maachen am Zesummenhang mat de Centren Ecostart an Technoport Schlassgoart elo, wou dat, wat am ursprüngeleche Kader vum Gesetz proposéiert wor, huet missen op der Streck bliewen?

Dat ass am Fong déi eenzeg Fro, déi ech wëllt am Zesummenhang mat deem Projet stellen.

Mir sinn an der DP der Meenung, dass et eng guut Saach ass, dass mer déi nei Handlungsmargen, déi d'Kommissiounsdecisioun ons gëtt, voll ausüben, a mir wëllen och onbedéngt dee Projet stëmmen. Mir mengen, dass dat eleng vläicht net duergeet, fir d'Effetë vun der Kris zu Lëtzebuerg ze bekämpfen, mä et ass jiddefalls ee Steen an deem Édifice, dee mer mussen opriichten, fir zesummen ze versichen, déi Kris ze bewältegen.

Domadder ginn ech also den Accord vun der DP zu deem Projet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Flesch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Henri Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur fir säin ausféierleche Rapport Merci soen, e Rapport, deem d'Wichtigkeet an d'Beideitung vun der Recherche an der Innovation ervirgestrach huet. Villes, wat geschriwwen a gesot gouf, kënnen mir matdroen an och mat ënnerschreien.

U sech ass dëst Gesetz, esou wéi meng Virriedner och schonns gesot hunn, net direkt e Krisegesetz. Et ass kee Gesetz, dat Instrumenter an Hëllefstellungen ubitt, déi kuerzfristeg agesat kënnen ginn, fir Betriber bei der momentaner schwiereger Lag kënnen ze entlaaschten.

Et ass éischter e Gesetz, an dat ass schonn e puermol virdru gesot ginn, dat sech mat der Après-crise beschäftegt. Sou wéi vum Rapporteur am schrëftleche Rapport festgehale gouf, ass Lëtzebuerg bekanntlech e ressourcenaarmt Land, e Land, wat ëmmer manner produzéierend Wirtschaftssecteuren opweist, e Land, wat sech ëmmer méi an Nische spezialiséiere muss - Nischen, déi éischter op d'Uwendung vu Wësse baséiere wéi op groussaartegem Ressourcenëmsaz -, e Land, wat ëmmer méi vun enger industrieller Wirtschaft zu enger Wëssensgesellschaft mutéiert.

Ech wëll duerfir net méi op déi verschidden Instrumenter an Hëllefstellungen vun dësem Gesetz agoen, mä éischter Pisten opweisen, wou aus Siicht vun de Grénge d'Richtung vun der Recherche an der Innovation muss higoen.

D'Auswirkungen an d'Heftegkeet vun dëser Kris gi jo bekanntlech mat der Kris vun 1929 verglach. Och d'Instrumenter vun deemools gi benotzt, fir d'Auswirkunge vun dëser Kris kënnen ze begrenzen. De staatlechen Interventionismus gëtt neierdengs net méi als Hindernis fir d'Wirtschaft ugesinn, mä grad elo als Retter an der Nout regelrecht gefuerdert. En „new deal“ huet viru bal 100 Joer d'Ronn deemools gemaach, en „new deal“ mat staatlechen Hëllefstellungen, fir aus där Kris erauszemarschéieren.

Den „new deal“ vun deemools ze widderhuelen, gräift aus Siicht vun de Grénge awer ze kuerz. Et hëlleft vläicht kuerzfristeg iwwert déi schlëmmsten Auswirkunge vun der Kris, mécht awer blann fir längerfristeg Auswirkungen.

En „new deal“ kann duerfir nëmmen aus Siicht vun de Grénge en „green new deal“ sinn. Gréng aus deem Grond, datt mer grad elo méi verstärkt op Ekotechnologë setze mussen, déi eiseem Ussproch vun enger Wëssensgesellschaft am 21. Jorhonnert och gerecht ginn.

Déi momentan Kris verdeckt nämlech eng aner Kris, eng Kris, déi an hirem Ausmooss gradesou schlëmm, wann net nach méi schlëmm Auswirkunge wäert kréien. Déi Kris ass keng, déi brutal vun engem Joer op dat anert kënn, mä si kënn schlaichend bestëmmt, awer dofir konsequent.

D'Klimakris ass net vum Dësch, si ass och net geléist, si gëtt just gären elo vergiess. Eng Vergesslechkeet, déi awer fatal ka sinn. Duerfir kann den Auswee aus deenen zwou Krisen aus grénger Siicht nëmmen en „green new deal“ bedeuten, eng massiv Offensiv an Ekotechnologien, nohalteg Transportsystemer, flächespuerend an energiespuerend Wunnformen, Liewensmëttelproduktioun am Aklang mat der Natur, fir nëmmen déi ze ernimmen.

Dëst muss d'Prioritéit vun der Politik elo sinn. Dëst sinn d'Prioritéiten, déi duerch dëst Gesetz mussen Ennerstëtzung fannen. D'Ausrüstung vun der Fuerschung an der Innovation muss ganz kloer nohalteg ginn. Déi Betriber, vu kleng bis ganz grouss, déi dëst erkannt hunn, sinn d'Gewënner vu muer. Déi Fuerderunge ginn haut net nëmme méi vun de Grénge gestallt. Et si keng gréng Spënnereie méi, mä haart...

(*Interruption*)

...wirtschaftlech Realitéit.

Grad d'Zesummespill vun Ekologie an Ekonomie ass de Schlëssel fir d'Zukunft. Net méi spéit wéi d'lescht Woch war an der „Wirtschaftswoche“ - bekanntlech keng gréng Parteizeitung - ze liesen: „Grün aus der Krise.“

D'Schlüsseltechnologien vun der Zukunft sinn déi gréng Technologien. Et sinn net nëmmen d'Technologien vu muer, mä och d'Aarbechtsplaze vu muer. E Saz aus dem Bericht vun der „Wirtschaftswoche“ als Illustration: „Gemessen an Jobs ist die Umweltindustrie schon heute die deutsche Leitindustrie.“ Haut schaffen an Däitschland scho méi Leit an den Ëmwelttechnologien wéi zum Beispill an der Autosindustrie, mat knapp 1,2 Milliounen vis-à-vis vu 760.000, an d'Zukunft gesäit nach vill méi roseg aus.

D'Ekotechnologien sinn d'Jobmotore vun der Zukunft. Während zum Beispill an Däitschland d'Aarbechtsplazen an der Autosindustrie oder dem klasesche Maschinnebau stagnéieren, verduebele sech d'Zuele vun den Aarbechtsplazen an de grénge Technologien bis 2020. D'Boombbranchë sinn dobäi: Energieeffizienz, nohalteg Waasserwirtschaft, nohalteg Mobilitéit, nohalteg Energieerzeugung, Ressourcen- a Materialeffizienz respektiv Kreeslafwirtschaft.

Beräicher also, déi och e klengt Land kann a muss ugoen, oder mir kënnen a mussen an Energieeffizienz, nohalteg Mobilitéit an esou weider nach ganz vill ënnerhuelen. D'Politik muss deemno d'Rahmebedingungen esou gestalten, datt déi Ausrüstung och kann ausgefouert ginn. Dëst Gesetz ass bei richteger Uwendung e weidert wichtegt Puzzlestéck.

Leider huet dës Regierung laang gebraucht, fir dës Branchen als Zukunftschance ze erkennen. Besonnesch d'Kreatioun vun neien Aarbechtsplazen duerch Ekotechnologien gouf deels verschlof. Eng verpasste Chance. Den Zickzackkurs an der Förderung vun den erneierbaren Energie vun dëser Regierung iwwert dës Legislaturperiod ass e guut Beispill.

Just e puer Beispiller, wou mir als Gréng eng Spezialförderung geséichen: d'Stolindustrie op energieeffizient Baue spezialiséieren - eleng d'Gebaier si fir 40% vum Energieverbrauch an der EU verantwortlech -; d'Investitiounen an energieeffizient Gebaier kënnen eleng an den USA an Europa 2 bis 3,5 Milliounen gréng Jobs schafen. Den Auto vun der Zukunft mat de Stécker aus Lëtzebuerg: D'Autosindustrie beschäftegt haut iwwer 10.000 Leit zu Lëtzebuerg. Nohalteg Investitiounen an Elektromobilitéit muss an eisen Ae geziilt ënnerstëtzt ginn. E grénge Buedem fir d'Handwerk- an d'Baubranchen. D'Klima- an Energiepolitik schaaft a séchert Aarbecht. Haut ziele mer scho méi wéi 2.000 Betriber an deem Beräich, mat iwwer 30.000 Aarbechtsplazen. Och déi kleng a mëttelstänneg Betriber mussen ugehale ginn, an nei Gebidder ze innovéieren an ze fuerschen. Net all Betrib ass dozou fäeg. Mä déi, déi de Wee unhuelen, mussen konsequent a proaktiv gestärkt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Ekologie contra Ekonomie: Dëse Géigesaz war eemol. Mëttlerweil leeë sech ëmmer méi Betriber nei Instrumentarien op, datt Ëmweltschutz a Klimaschutz systematesch mat Aspuerunge verbounne ginn. Si hunn erkannt, wéi vill spuersamen Ëmgank mat Ressourcen hir Kompetitivitéit stäerkt, esou de parlamentaresche Statssekretär aus dem Bundeswirtschaftsministerium, nozeliesen an der „Wirtschaftswoche“ vun der leschter Woch.

Duerfir ass et grad elo wichteg, an d'Innovation an an d'Recherche vun den Ekotechnologien ze investéieren. Dëst Gesetz schaaft déi néideg Rahmebedingungen. Ech bréngen duerfir elo schonn den Accord

vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Kox Merci. Ech hunn elo keen agedroene Riedner méi, sou datt elo d'Regierung d'Wuert kritt. Den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen nach eng Kéier Merci fir déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass vum Rapporteur a vun der Kommissioun. Ech mengen, et wier zwar och noutwendeg - de Rapporteur huet et och ugedeit -, dass ee mam Conseil d'État e klärend Gespräch mécht.

Et ass ganz schwéier, d'Doctrine nach eng Kéier kloer erauszestärchen, déi e sech ginn huet, well en awer vläicht, ënnert dem Drock och elo, deen een oder anere Richtungsweisell vollzunn huet. Et misst een dat kloerstellen.

Och déi Geschicht am Allgemenge mat deene Règlements d'exécution. Et kann een net elo all Kéiers Risiko lafen, dass een eng Opposition formelle huet an dann erëm alles muss hannen zrëckféieren. Ech mengen, et muss een dat Gespräch eng Kéier féiere mam Conseil d'État, fir Kloeerheet ze kréien.

Ech wëll och drop hiweisen - et ass elo e puermol gesot ginn: Dat hei ass kee Kriseninstrument. Ech ënnerscheeden u sech zwëschent deenen Instrumenter, déi een an der Kris gebraucht, fir d'Effeten ofzufiedere. Dat ass e Volet, deen ech virdrun iwwert d'Kuerzzäitaarbecht, iwwert déi Aide temporaire, iwwert d'Garantien an Ähnlechungen genannt hunn.

Da gëtt et e Volet, deen awer fir mech zur Krisebekämpfung gehéiert, mä deen net do ass, fir d'Kriseneffeten ofzufiedere, mä deen do ass, fir déi Zäit ze notzen, eis Wirtschaft an eis Betriber ëmzeorientéieren, déi Zäit auszenotzen, se anescht opzestellen, méi innovativ Prozesser, Produkter a Services kennen ze bréngen.

Mir hunn an der Regierung u sech eng Opdeelung, dass den Här Biltgen déi öffentliche Fuerschung betreit an ech déi privat. Déi Zesummenaarbecht, esou wéi mer se elo an deene leschte Joren entwéckelt hunn, ass och exzellent gewiescht. Dat ass en Anenanergräife gewiescht, dat mat sech bréngt, mengen ech, dass mer op béide Säiten déi noutwendeg Effeten och elo scho gesinn.

Beim Projet hei bedauern ech e bëssen - mä dat ass e bëssen op eiser Säit, wou de Problem ass -, dass mer deen zweete Projet net och kënnen matstëmmen. Dat ass e Projet, deen déi ganz Ausrüstung a Richtung méi ëmweltschounend Moossnamen an de Betriber, méi energiespuerend Moossnamen an de Betriber virgesäit. Deen hunn ech leider mat menge Services net éischter fäerdeg kritt. Dee geet eréischt an d'Prozedur den nächste Freideg um Niveau vun der Regierung.

Mä dat ass u sech e Ganz: dee Projet hei, dee sech éischter mat Fuerschung, Innovation ofgëtt, an deen aneren éischter direkt mat Hëllefstellungen, wann een audelä geet vun deem, wat erfuert ass an de Beräicher Ëmweltschutz an Energie-spueren. Duerfir ass dat hei e Pak, deen zur Kris gehéiert, mä dee gehéiert dozou, fir d'Betriber ze reorientéieren. An duerfir muss et elo sinn, wou mer déi Instrumenter hunn, an net eréischt an zwee Joer.

Et sinn eng Rei aner Punkten, déi ech och esou gesinn, déi vläicht éischter de Stat an d'Gemengen uginn, mä haaptsächlech de Stat, fir ze kucken, dass mer och déi noutwendeg Instrumenter schafen, fir dass no der Kris mer méi einfach virukommen.

Duerfir gëllt dee Plan sectoriel, dee mer virgeluecht hunn an deen elo a seng Prozedur muss goen. Dozou gehéiert d'Opstellung vu Luxinnovation op eng aner Aart a Weis, wéi dat de Moment de Fall ass. Luxinnovation soll sech wirklech konzentréieren elo op déi Beräicher, wou mer am Moment Schwächen hunn.

Déi gréisste Schwächt gesi mer bei der - wéi soll ech soen? - Kompositioun vun deenen, déi Fuerschung bedreiwen um Niveau vun de Betriber, well dat haaptsächlech nëmmen e puer, an zwar nëmme grouss Betriber sinn, déi dat maachen.

Ech mengen, d'Luxinnovation kritt als Haaptaufgab elo emol, fir ze kucken, all déi PMEen och dofir ze interesséieren, och ze incitéieren, dee Wee ze goen. Si kritt och Instrumenter, fir dat méi schmackhaft ze maachen, dass se Hëllefstellungen kréien, wann ee sech Experte bähëlt, wa Leit zäitweileg agestellt ginn.

Derniewent probéiere mir jo, déi Infrastrukturen, Här President, esou auszebauen, dass eis Betriber vun den Infrastrukturen hier besser opgestallt si wéi an den Nopeschlänner. Dozou gehéiert alles, wat mer maachen am Glasfaserberäich, an den Datenzentren. LuxTrust gehéiert dozou. Den Ausbau vum öffentlechen Transport ass e wichtige Punkt, well mir mussen déi Leit, déi hei schaffen, op hir Aarbechtsplaz kréien. An alles, wat natierlech och d'Energieinfrastrukturen, d'Sécherheet vum Approvisionnement ubelaangt, d'Kompetitivitéit vun den Energiepräisser, d'Aart a Weis, wéi mer eis Energie beschafen an nächster Zäit, all déi Saache gehéiere fir mech dozou, fir dass eis Betriber eng besser Chance hunn no där Kris wéi virdrun.

Derniewent, mengen ech - ech ginn net dorop an - kënn dee ganze Volet Formation, Émorientéierung, ganz aner Ausrüstung vun eiser Berufsausbildung, well mer aner Berufsbiller brauche wéi déi, déi mer bis elo haten, Vereinfachung vun de Prozeduren, an da ganz konsequent hin op déi dräi Aktionspläng schaffen, déi do heeschen: Logistik, Ekotechnologien, Gesondheetstechnologien.

Ech hunn domat d'Informations- an d'Kommunikationstechnologien net genannt, well déi sinn u sech en Instrument fir déi aner. Déi sinn net e Secteur per se, mä déi sinn ëmmer nëmmen en Instrument, fir aner Saachen ze développéieren, an duerfir mussen mer dorop e besonneschen Akzent leeën.

Et ass de Wonsch gewiescht, dass eng Préinformatioun gemaach gëtt iwwert dat, wat mer hei haut wäerte beschléissen. Dat geschitt iwwert déi Kanäl, déi mer bis elo haten.

Den Ennerscheid mat deem, wat mer an deenen zwee Projekte virdrun haten, ass deen, dass et net einfach e Subsid gëtt, deen ee kritt, a wou ee just seet: „Ech maachen eppes.“ Hei muss ee genau spezifizéieren.

(*M. Lucien Weiler reprend la Présidence*)

Et ass also projektbezunn, wou dat hei sech ofspillt. Wann een e Projet huet, muss een deen erarechen no gewësse Prinzipien. Et gëtt analyséiert an da jugéiert, wéi déi Hëllefstellung ka sinn, déi sech doraus ergëtt.

D'Madame Flesch huet zu Recht drop higewisen, dass mer probéiert hunn, och déi Incubateuren, et sinn der zwee zu Féiz, et kënn elo een op Belval, an et ass dee vun Technoport Schlassgoart. Et kënn elo nach een donidden an de Süden am Beräich vun de Gesondheetstechnologien, méiglecherweis souguer zwee kommen der, an déi mussen iergendwéi zesummegeluecht ginn, wat d'Gestioun ubelaangt. Dat ass net eng Aarbecht vun engem Ministère, vu Ministerialbeamten.

Dobäi hat ech dat guut gemengt, fir deem eng Base légale ze ginn, fir en Organismus ze schafen. Et kann ee soen, en Établissement public, am Moment kënnen mer dat net maachen, well do e Contentieux nach ass. Duerfir mengen ech, dass ee sech elo muss no där heiter Operatioun zesummesetzen, entweder e GIE maachen oder sech eng S.A.-Participatioun verschafen, zesummen och mam Tudor, dem CRP Tudor, deem de Schlassgoart jo gehéiert, an deen dat erabrängt an déi nei Entitéit, grad wéi de Stat seng Infrastrukturen do mat erabrängt, an dann eng anstänneg Gestioun do virgesäit. Dat ass net méi d'Aarbecht vun de Ministère.

Et muss ee se och méi no erubréngen un dat, wat zu Lëtzebuerg, menger Meenung no, an deem Beräich hei am meeschte feelt: Dat ass d'Risikokapital. Mir schwätze vill dovun, mä mir hu kee richtegt Risikokapital hei zu Lëtzebuerg.

Duerfir probéieren ech och, eenzel Fongen opzesetze mat Hëllef vun auslännesche Gruppéierungen, fir emol Erfahrung doranner ze kréien a fir dat och méi no un d'Incubateuren erunzebréngen, zumindest an der Gestioun an am Choix vun de Projeten.

Ech mengen, dat hei ass en interessant Instrument, wat ech awer gesinn als eent vun den Elementer, fir ze versichen, an där Krisenzäit eis Betriber anescht opzestellen.

Et ass nëmmen d'Qualitéit, et ass nëmmen den innovativen Element, wat mat sech bréngt, dass déi Betriber besser opgestallt sinn.

Sécherlech wäerte mer och dat, wat den Här Kox gesot huet, déi Secteuren, déi hien ugeschwat huet, ganz besonnesch probéieren ze dévloppéieren. Et ass net grad esou einfach, wéi hien dat duergestallt huet, mä d'Richtung ass awer absolut ze ënnerstëtzen. Ech ginn him do vollkomme Recht. En zitt och de Krees vun den Aarbechtsplazen heiansdo ganz grouss, och vun den Zuele vun de Betriber. Mir hunn der 188 erausfonnt hei zu Lëtzebuerg. An eisen Aen, no Definitiouenen, déi mer aus auslänneschen Dokumenter hunn, hu mer ronn 188 där Betriber.

Dir gesitt der vill méi. Et kann een am Fong geholl dee ganzen Artisanat, wann een et esou wëllt, derbäihuelen, mä dat hänkt also just dovun of, wéi een de Krees zitt. Duerfir, mir hunn eis eng Rei Definitioune ginn. Duerfir solle mer net iwwer Chiffere streiden. Et ass eng Saach vun der Definitiou. Mä en huet ganz Recht, d'Richtung geet bei d'Gesondheetstechnologien, d'Richtung geet bei ëmweltschounend Technologien an a Richtung vun energiespuerend Technologien.

Mir wäerte probéieren dat iwwer en ähnleche Wee, wéi mer et bei de Gesondheets-technologieë gemaach hunn, ze kréien a probéieren ee grouss propperen Acteur, vläicht zwee/dräi ze kréien, dass mer e bëssen en Zuchpäerd kréien an där ganzer Saach, dass mer och dobausse relativ schnell e bësse méi bekannt ginn. Well aus eegener Kraaft, esou wéi an de Gesondheetstechnologien, bréinge mer dat net esou schnell fäerdeg.

Duerfir, ech weess net, ob et eis geléngt, dee Schrëtt nach eng Kéier ze maachen, esou wéi mer en och an de Gesondheets-technologieë gemaach hunn, mä sécherlech sinn dat do déi Secteuren, op déi ganz besonnesch mussen Akzenter geluecht ginn, och wa mer all déi aner net vernoëlssegen. D'Sortie an d'Gesondheet vun eiser Wirtschaft wäert muer doranner bestoen, dass mer méi verschiddenaarteg Aktivitéiten hunn, méi verschiddenaarteg Secteuren hunn, domat eng Risikominderung hunn, wann et engem Secteur emol méi schlecht geet.

Bon, mir sëtzen elo an enger Situatioun, wou quasi all Secteur ufänkt, Schwieeregkeen ze hunn; och dee vun den Ekotechnologien. Och dee gétt net verschount. Elo hunn ech gesinn: 1.900 Plaze ginn ofgebaut an esou engem Betrib an Dänemark. Also, et soll een och net maachen, wéi wann d'Ekotechnologien elo immun wäre géint d'Problemer, déi et an der Wirtschaft gétt. Duerfir muss een awer kucken, dass een déi Diversifikatioun weiderdreift.

Deen Term, deem ass och gebraucht ginn. Ech mengen, mir mussen nach eng Kéier méi verstärkt an déi Richtung schaffen. Duerfir, Här President, sinn ech frou, dass et och eng breet Zoustëmmung gétt, fir déi Iddi vu Fuerschung an Innovatioun um Niveau vun de Betriber esou ze ënnerstëtzen, wéi et hei am Gesetz virgesinn ass.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6005 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M.

Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

12. 6003 - Projet de loi instituant un régime temporaire d'aide au redressement économique

6004 - Projet de loi instituant un régime temporaire de garantie en vue du redressement économique (suite)

Motion 1

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen och elo of iwwert d'Motioun, déi déposéiert gi war vun der honorabeler Madame Flesch am Kader vum Projet de loi 6004. Déi Motioun gétt jo gedroen - wann ech dat richteg gesinn - vun alle Fraktiounen a Sensibilitéiten.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant l'avis de la Chambre des Métiers du 20 mars 2009 par lequel cette chambre professionnelle plaide pour la réinscription dans la loi budgétaire d'une participation étatique temporaire à la couverture des pertes subies sur les cautionnements accordés aux membres des mutualités de cautionnement de l'artisanat et du commerce ainsi que la dotation en capital de couverture des cautionnements;

- considérant l'avis de la Chambre de Commerce du 20 mars 2009 par lequel cette chambre professionnelle se range à l'avis de la Chambre des Métiers sur ces points;

- considérant le rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports du 30 avril 2009 par lequel la Commission retient lesdites suggestions qui serait à considérer lors de l'établissement de la prochaine loi budgétaire;

- notant qu'une telle participation étatique pourrait constituer une réponse politique adaptée et adéquate aux considérations des PME luxembourgeoises opérant sur les marchés régionaux et locaux et dépendant souvent des capacités de développement de l'industrie, fortement touchée par la crise économique actuelle;

invite le Gouvernement

- à inscrire dans le projet de loi budgétaire 2010 deux nouveaux articles à caractère non limitatif, l'un introduisant un «fonds de garantie» bénéficiant d'une dotation substantielle temporaire permettant de réaliser les dotations en capital de couverture et l'autre le remboursement partiel des pertes subies par les mutualités de cautionnement de l'artisanat et du commerce.

(s.) Colette Flesch, John Castegnaro, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Henri Kox, Marcel Sauber.

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass mat der Motioun, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dat ass Eestëmmegkeet.

D'Diskussioun vum Projet de loi 6007 iwwert d'Kreatioun vun der Grande voirie de communication et d'un fonds des routes hu mer als nächste Punkt op eisem Ordre du jour. Den honorabelen Här Clement ass hei de Rapporteur. Et sinn ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Diederich an d'Madame Loschetter. Här Clement, wann Der eis wëllt

Äre Rapport respektiv de Rapport vun der Kommissioun virdroen.

13. 6007 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Gesetzesprojet 6007 gehéiert wéi all déi aner Projeten, déi mer dës Woch hei an der Chamber diskutéieren, zum sougenannten Antikrise-Package, deem d'Regierung deponéiert huet, fir der aktueller Wirtschaftskris entgéintzewierken. De virleiende Gesetzesprojet huet als Zil, fir verschidden Investissementer am Stroossebau méi séier a méi flexibel realiséieren ze kënnen.

Dat Ganzt ass ze gesinn an der Intentioun vun der Regierung, fir en Deel vun de geplangte Chantieren op 2009 respektiv op 2010 virzezéien an esou besonnesch de mëttelstännige Bautentreprisen hei zu Lëtzebuerg ënnert d'Äerm kënnen ze gräifen. Dobäi handelt et sech ëm grouss Stroossebauprojeten, zu deenen d'Chamber schonns hire prinzipiellen Accord ginn hat, a gläichzäiteg ëm ganz normal Projeten, déi dann och vun deene méi klengen oder mëttlere Betriber kënnen oder solle realiséiert ginn.

D'Zil vun der Regierung ass et, fir mat dësem Gesetzesprojet d'Finanzéierung an d'Realisatioun vun de Stroossebauprojete méi flexibel ze gestalten. An dësem Sënn huet de Bauteminister de virleienden Text den 11. Mäerz 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis zum Projet den 31. Mäerz 2009 ofginn. An der Bautekommissioun gouf ech dann zum Rapporteur de 26. Mäerz genannt. An der Réunioun vum 15. Abrëll hunn d'Membere vun der Bautekommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert, an den 23. Abrëll war et du méiglech, dëse Rapport an der Bautekommissioun unzehuelen.

Här President, de Gesetzesprojet 2007 iwwert de Fonds des routes passt d'Gesetz an deem Sënn un, datt et an Zukunft méiglech ass, fir d'Ausgaben, déi fir de Bau vun nationale Stroossen, fir d'Ennerhaltung vun dësen, wéi och fir de Bau an den Ennerhalt vun de Chemins repris gebraucht ginn, iwwert de Stroossefong kënnen ze bezuelen, ouni datt dofir an Zukunft en extrae Budgetartikel, wéi mer dat bis elo kannt hunn, virgesi muss sinn.

De Gesetzesprojet erlaabt et awer och, fir an Zukunft de Bau an d'Astandsetzung vu Vëlospisten a Busspuren iwwert dëse Wee ze finanzéieren. Fir d'Budgetsjoer 2009 wäert fir déi normal Stroossebauprojeten entweder nach déi bis elo üblech Budgetausféierungsprozedur benotzt ginn - dat heescht also, datt si ënnert d'Budgetgesetz 2009 falen - oder awer si wäerten iwwert de Stroossefong finanzéiert kënnen ginn. Dat Lescht géllt da fir déi Projeten, déi zäitlech virgezu gi sinn. Vun 2010 u wäert dës parallell Finanzéierung awer verschwannen, well dann alleguerten d'Stroossebauprojeten iwwert de Fonds des routes lafe wäerten.

An deem Kontext kreéiert dee virleiende Gesetzesprojet e Gestionscomité, esou wéi dat bei anere staatleche Fongen oft de Fall ass. Esou e Comité huet dann awer och d'Verantwortung fir eng gesond an eng rationell Notzung vun dem Fong senge finanzielle Moyenen. An deem Comité wäert dann nieft Leit aus dem Bauteministère och en Delegéierte vum Budgetsminister sëtzen, fir datt eng finanziell a wirtschaftlech Analys vun der Gestiou vum Fong och assuréiert ass. Dëse Comité wäert awer net iwwert d'Opportunitéit vu Stroossebauprojeten befannen.

De Gesetzesprojet ännert dann och nach den Artikel 16 vun der Loi modifiée vum 16. August 1967 an deem Sënn ëm, datt net nëmmen d'Realisatioun vu grouss Stroossebauprojeten iwwert de Fonds des routes bezuelt ka ginn, mä och nach aner méi grouss oder méi kleng Projeten. Ech hunn der ewell e puer genannt, mä se sinn alleguerten - an Dir kënn et och noliesen - am Projet de loi an am Rapport vun der Kommissioun opgezielt.

Des Weideren zeechent de Projet de loi op, iwwer wat fir eng Weeër de Fonds des

routes gespeist ka ginn. Et sinn dat déi normal Budgetsdotatiounen; et kann iwwer Emprunt geschéien; et kann iwwert d'Recettë vum Verkaf vun Immeubles geschéien; souwéi Remboursementer vun anere Länner, mat deene Lëtzebuerg gemeinsam Projeten huet, wéi zum Beispill Brécke bauen oder de Bau vun enger Autobunn.

Nach ee Wuert, Här President, zum Statsrot sengem Avis. Déi héich Kierperschaft kann d'Logik vun den Auteure vum Projet ganz gutt novollzéien, freet sech just, firwat een heibäi net méi wäit geet. Entweder sollten an den Ae vum Statsrot Moossnamen, déi elo an der Krisesiatioun geholl ginn, eng zäitlech Limite gesat kréien, oder awer, wann een de Gesamtkader als ze schwéierfällg an ze vill onflexibel ugesäit, wéi dat dann och am Projet beschriwwen ass, fir den Alldaagsgebrauch sollten d'Budgetsprozeduren allgemeng iwwerduecht ginn.

Fir de Statsrot huet de Contenu vun dëser Législatioun näischt oder net direkt eppes mat der wiesselnder ekonomescher Lag ze dinn. E gesäit och zum Deel eng Kontrovers doranner, well op där enger Säit probéiert gétt, den Assainissement vum Finanzsektor mat méi Kontrollen ze realiséieren oder ze bewerkstelleen, an op där anerer Säit an dem Domän vum Stroossebau manner Kontrolle sollen agefouert ginn.

Och huet de Statsrot dorobber bestan, datt de Bau vu Plates-formes intermodales an de Bau vu Gares routières an engem extraen Turet am Gesetz opgefouert sollte ginn. Deem si mer an der Bautekommissioun dann och nokomm. Net suivéiert hu mer de Conseil d'État, dee proposéiert hat, den Intitulé ze änneren.

Wat elo d'Avisë vun deenen eenzelne Chamberen ugeet, esou si se alleguerte positiv ausgefall, esou datt dëse Projet de loi eng breet Zoustëmmung vun där Säit kritt huet.

Här President, erlaabt mer nach zum Schluss all deene Merci ze soen, déi um Ausschaffe vun dësem Gesetzesprojet bedeelegt waren. Et konnt mat enger grousser Rapiditéit an der Kommissioun geschafft ginn. Ech soen lech alleguerten awer och nach Merci fir d'Nolauschteren, bréinge selbstverständlech den Accord vun der CSV, an ech denken, datt dee Projet de loi eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber kréie wäert.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Clement. Den honorabelen Här Etgen huet elo d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem virleienden Text läit ee weidert Puzzlestéck vun der Regierung hirem sougenannten Antikrise-Paquet um Dësch. E Paquet vu Mesuren, deem eis et soll erlaben, d'Konsequenze vun där aktueller weltwäiter Wirtschaftskris besser ofzefiederen.

Prinzipiell ass géint d'Objektiv vun dësem Text näischt anzewenden. D'Panoplie vun de Projeten, déi iwwert de Fonds des routes kënnen finanzéiert ginn, an déi den Accord de principe vun der Chamber hunn, gétt méi grouss gemaach. Dëst kann derzou bäidroen, datt déi öffentlech Investitiounen méi séier kënnen getätégt ginn, wat da virun allem de Kleng- a Mëttelbetriber hir Commandébicher soll fëllen, fir datt se net ze vill staark ënnert dem wirtschaftlechen Ofschwong solle leiden. Mat dësem Projet de loi soll de Stat méi eng grouss Flexibilitéit kréien, wann et ëm zukünfteg Investitiounen am Stroossebau geet.

Här President, jiddwer Bierger huet e Recht op Mobilitéit. D'Mobilitéit ass hautdësdags awer zu engem grouss Käschtepunkt, an zwar souwuel fir deen Eenzelne wéi och fir déi öffentlech Hand ginn. De Ruff no ëmmer neien, fir d'Mobilitéit bestëmmten Infrastrukture bedéngt och grouss öffentlech Investitiounen. Investitiounen an d'Mobilitéit mussen duerfir besonnesch virum Hannergrond vun enger nohalteger Entwécklung getätégt ginn.

Wann een iwwer öffentlech Investitiounen an d'Verbesserung vun der Mobilitéit schwätzt, wann een iwwer eng sougenannten antizyklisch Politik schwätzt, da muss ee sech awer och d'Fro stellen, wéi dës Fongen an deenen nächste Jore sollen alimentéiert ginn. Wéi soll mir bei falende Recetten eis Investitiounen héich halen, eis Investitiouns-fonge speisen, wa wesentlech manner Suen an d'Statskeese gespullt ginn? Wéi wëlle mer deen héijen Investitiounsvolumen oprechterhalen, wat jo grad a wirtschaftlech schwieerege Zäite wichteg ass, ouni musse